***Op der Schock**, asbl stellt an:*

1 Coordinateur fir eis Gäertnerei (m/f/n), CDI 40St./Woch

An eiser Gäertnerei steet ee Changement un, well eise laangjärege Gäertner a Pensioun geet. Gläichzäiteg wäerte mir dee Beräich an de nächste Joren nach ausbauen. Dofir siche mir fir eisen Atelier d'inclusion professionnelle zu Réiden:

Deng Missioun:

- An engem Team vu Chef de service a Coordinateuren zesummen d'Leedung vun den Ateliers d'Inclusion Professionnelle ze assuréieren a fir ee gudde Fonctionnement ze suergen am Aklang mat de Wäerter an der Philosophie vun der Schock

- An dëser Zesummenaarbecht läit de Schwéierpunkt vun denger Aarbecht an der Leedung vun eisen Gäertneréquipen (Landschaftsgäertnerei a Kulturberäich)
  - Leedung vun Teamversammlungen,
  - Féierung vu Mataarbechtergespréicher,
  - Organisatioun vum Alldag
  - Ënnerstëtzung a Begleedung fir d'Equippe bei pädagogesche Froen
  - Entwécklung an Aktualiséierung vun Aarbechtsprozeduren an Zesummenarbecht mat den Encadrant'en aus der Gäertnerei
  - Zesummenaarbecht mam Chef de service an organisatoreschen an administrativen Arbechten
  - Zesummenaarbecht an Austausch mat aanere Service vun der Schock
  - Accueil an Austausch mat Klient'en

- Ënnerstetzung am Encadrement am Grupp vu Persounen mat enger intellektueller Beanträchtegung
  - Erhiewung a Föderung vun de Fähegkeeten an Interessen vun de Persounen mat interllektueller Beanträchtegung
  - Förderung vun der alldeegleger Selbststännegkeet a Sozialkompetenzen

Qualifikatioun a Kompetenzen déi's du als Coordinateur matbrenge solls:

- Ee Leadership, wat geprägt ass duerch eng gewaltfräi Haltung, eng respektvoll, wohlwollend an léisungsorientéiert Haltung an der Aarbecht , Kloerheet an Zielgeriichtheet
- Fäegkeet eng Diskussioun konstruktiv an zielorientéiert ze leeden
- Fäegkeet Freed a Motivatioun, den Equippegeescht ze förderen
- Ee wohlwollenden a wäertschätzenden Humor
- Excellent Kommunikatiounskompetenzen (net wäertend, faktebaséiert,...)
- Kapabel, autonom ze schaffen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen

- » Gutt Kompetenzen an der Verschréftlechung
- » Strukturéiert a koordinéiert Schaffen, gutt Zäitgestioun
- » Flexibilitéit an Teamfäegkeet
- » Freed an Engagement an der Aarbecht mat Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung
- » Gutt PC-Kenntnisser

- » Een zu Lëtzebuerg unerkannten Diplom als Educateur gradué, Heilpädagog oder Ergotherapeut,

- » Beruffserfarung mat Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung mat si vu Virdeel

- Flexibilitéit an Teamfähegkeet
- Gutt PC-Kenntnisser

Wat mir dir bidden ?

- » Zesummeschaffen an engem dynameschen a a motivéierten Team
- » Vernetzung mat aanere Servicer
- » Reegelméisseg Formatiounen
- » Aschaffen vun der Direktioun an deenen aanere Memberen vum Leedungsteam
- » Salaire a Konditioune vum CCT SAS

Lëtzebuergesch schwätzen ass eis wichteg, fir dass déi betreite Persounen hir Betreier verstinn.

Wann Dir interesséiert sidd, **schéckt Är Demande**
(Liewenslaf, Motivatiounsbréif, Foto, Kopie vum néidegen Diplom a senger Unerkennung zu Lëtzebuerg) un:

Op der Schock
Ressources humaines
B.P.10 L-8501 Redange

Oder per E-Mail un: **recrutement@ods.lu**

Eng éischt Selektioun gëtt opgrond vun den Dossiere gemaach
Fir weider Informatiounen, kënnt dir eis gäre kontaktéieren.

Tel: **00352 26 62 18 81 – 1**